STAD DIKRICH

NATIIRLICH FIR EECH DO!

www.diekirch.lu

NEWSLETTER JANUAR 2026

GEMENGEPROJETEN

Parkleitsystem

Am Kader vun hirer Smart-City-Strategie féiert d'Stad Dikrich 2026 bis den Abrëll e Parkleitsystem um Territoire vun der Gemeng an, dee soll vun der Lëtzebuerger Firma RMS verwalt ginn. Dësen intelligente System fir d'Gestioun vun de Parkplaze baséiert op verschiddene Sensoren an erlaabt de Verkéier ze entlaaschten an d'Parkplazen optimal ze notzen. Sou kënnen d'Awunner vun Dikrich an och d'Visiteure vun der Stad op eng modern Aart a Weis vun de Parkplazen hei zu Dikrich profitéieren. D'Aarbechte fir de Parkleitsystem hunn och schonn ugefaang, aktuell ginn d'Leitunge fir déi 9 Panneaue geluecht, déi spéider déi fräi Parkplaze uweise wäerten.

FESTER & EVENTER

A CAPE'lla Festival – Latvian Voices

Säit 2016 organiséiert den Ettelbrécker CAPE zesumme mat der Stad Dikrich all zwee Joer den A CAPE'lla Festival – den éischten an eenzege Festival zu Lëtzebuerg wou d'Spectateuren an déi facettëräich Welt vun der Gesang- a Vokalmusik andauche kënnen. Sonndes, den 1. Februar um 11 Auer, fënnt an der Aler Kierch zu Dikrich de Concert „Latvian Voices" statt. Dëse renomméierten A capella Ensembel verbënnt lettesch Volleksliddër an hir bekannte Chouertraditioun mat modernem A capella-Sound.

De Literatur-Mëttwoch

Fir di lescht Liesung am Kader vum Literatur-Mëttwoch an der Aler Kierch erwaart iech den 11. Februar den Auteur a Museker Roland Meyer, deen hei aus sengem neie Buch „Um Horizont" virliest. Zesumme mat de Musiker Noémie Leer a Mulles Scholtes verstréckt de Roland Meyer d'Nolauschterer an ee Geflecht vun Undeitungen, Hallefwourechten a Gerüchter aus der Welt vu Film, Konscht, Literatur a Reesen.

Fuesweekend zu Dikrich

Vum 12. bis de 15. Februar ass rëm Fuesstëmmung zu Dikrich ugesot. Zesumme mat enger Rëtsch vun de lokale Clibb, hunn d'Eselen aus der Sauerstad Dikrich nees ee Programm op d'Bee gestallt, wou Grouss a Kleng op hir Käschte kommen. Donneschdes a freides owes ginn d'Fuesboken an e puer Dikricher Caféë Wëllkomm geheescht, samschdes sinn déi kleng Fuesgecken an der Aler Seeërei ënnerwee a sonndes fënnt d'Cavalcade ab 14 Auer mat hirem traditionellen Ëmzuch ronderëm den Dikricher Stadkär statt. **Rappel:** Vun 12:00 Auer un ass d'Stad Dikrich fir de Verkéier gespaart.

KLIMANEWS

Valorlux-Tuten

Well d'Gemeng den Ament e limitéierte Stock u Valorlux-Tuten zur Verfügung gestallt kritt, ass och d'Administratioun gezwongen d'Verdeelung anzeschränken. Dofir kritt een déi blo Tuten zur Zäit nëmme méi am Gemengenhaus op der Nummer 27 Avenue de la Gare.

Klenge Rappel:

An déi blo Tut gehéieren: Plastikverpakungen, Metallverpakungen a Gedrénkskartongen.

Net erlaabt sinn: Pabeier, Kartong, schwaarze Plastik, Styropor, Kaffiskapselen a Multi-Layer-Verpakunge wéi z.B. Kaffi-, Chips- oder Déierefuddertuten, Verpakunge fir Medikamenter a Verpakunge mat GHS Symbol, gefäierlech Objeten wéi Sprëtzen. D'Verpakunge mussen **net** gespullt ginn ier se an déi blo Tut kommen!

WICHTEG INFO

Message un d'Hondsbesëtzer aus der Gemeng Dikrich

Message un d'Hondsbesëtzer aus der Gemeng Dikrich: An dësem Newsletter fannt Dir d'Dokument „Meldepflicht für Hunde – Hundesteuer 2026". Dës Weidere wëlle mir Iech nach eng Kéier op d'Situatioun vun den Hondskéip opmierksam maachen. Leider kënnt et an der lescht méi oft vir, datt Hondskéip op ëffentleche Plaze bei eis an der Gemeng leie gelooss ginn. Dofir biede mir Iech aus Respekt géigeniwwer der Natur an Äre Matbierger, d'Hondskéip propper ze entsuergen. Mir soen Iech am Viraus Merci fir Äert Versteesdemech an Äert Matschaffen.

INFORMATIOUN

NEI | Dikrich TV vun elo un och bei der Post an Eltrona
| Déi nei Emissioun: All 3. Méindeg vum Mount owes um 19 Auer
NÄCHSTEN DEIWELSELTER (LU FR EN) | Mëtt Mee 2026 per Post an op diekirch.lu

VILLE DE DIEKIRCH
27, avenue de la Gare . L-9233 Diekirch
80 87 80 - 1 . commune@diekirch.lu
www.diekirch.lu